Freux bei Libramont

Haut Samsdes den 20. Juni hat den Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg éng Sortie op Freux an d´Belsch. Eis Unrees wor Haut net esou onproblematesch ausgefall, knapps op der Autobun stungen mir och schon am Stau, d´Areler Autobun wor iwwer ee puer kilometer nëmmen op der Standspur ze befueren wat natirlech mat se bruecht huet dass den Verkéierschaos net ausbliwwen ass. Esou koum et dass verschidden Memberen zwou Stonnen gebraucht hun ewou een normalerweis den Weiher zu Freux vun Lëtzebuerg aus an énger gudder Stonn ereechen kann. Als Wiederprognose haten se eis Moies Reen viraus gesot an géint der Mëtten sollt d´Sonn erauskommen. Esou ass et dun och komm ewell mir ënnerweë nach ee puer Schaueren haten mée ewei mir bis zu Freux unkomm woren do huet sech dat gudd Wieder awer séier durchgesat. 14 Memberen haten sech also Moies getraff fir zesummen mat der Méck ze fëschen an mir konnten direckt feststellen dass sech zu Freux vill geännert hat vis a vis vun eiser leschter Sortie.

Net nëmmen dass den ganzen Site am Fong gebotzt gin ass an d´ Trappen aus Hasteen komplett an d´Reih gesat gin sin, den Fëschbesatz gët elo och regelméisseg bedriwwen an ass och op éngem Panneaux am Openthaltsraum affichéiert. Esou wor et dann och net verwonnerlech dass dës Kéier ganz vill Fësch besat woren och wann Dës awer trotzdeem net esou einfach ze fänken woren. Nodeems mir eis Staangen opgeriicht haten hun mir eis op den Weë bei d´Waasser gemeet. Heibäi huet Jidereen séng Preferencen, esou sin déi éng direckt am Unfank vum Séi hänken bliwwen do ewou d´Waasser bis zu 8 meter déif ass, verschidden Annerer ewei den Änder, den Marc an den Patrick hun sech op den Weë bei den Anlaaf gemeet do ewou d´Waasser durchschnëttlech nëmmen 1 meter déif ass an zu gudder Lescht haten mir och déi véier Booter reservéiert ewouvun och eis Fëscher gebrauch gemeet hun. Et ass awer direckt opgefall dass iwwerall ganz vill Gobagen ze gesin woren an esou hun dun och déi Meeschten direckt mat der drechener Méck las geluecht. Konnten am Anlaaf esou vill Fësch gefaangen gin hun sech d´Fësch am Unfank vum Séi awer éischter selektiv gewisen an et wor ganz schwéier d´Fësch ze iwwerlëschten. Et woren awer ganz schéin Fësch besat déi eis och Alles ofverlaangt hun.

Nodeems mir ee puer Stonnen gefëscht haten hun mir eis dun um halwer éng am Openthatsraum getraff ewou och den Garde vum Séi eis Rendez – vous gin hat fir ze bezuelen. Mir hun dun eis Grillade präparéiert ewoubäi mir dës Kéier awer ee bëssen Unlaafschwieregkeeten haten, d´Holzkuehlen wollten net richtég wuarm gin mée ewei mir dun awer bis richtég am gaangen woren ass et awer séier héich hir gaangen, d´Fëscher haten sech meeschtens Deel ronderem den Grill versammelt an hei wollt natirlech Een et besser wëssen ewei deen Anneren mée zum Gléck ass et ewei d´Kuehlen bis woarm woren séier gaangen an d´Fëscher haten kéng Zäit méi fir ze schnëssen ewell se Alleguer den Mond voll haten. Gedrenks wor natiirlech och net ze knapp komm an esou woussten mir erëm séier dass et niewend dem Fëschen och nach anner schéin Beschäftegungen gët. Et woren awer och Fëscher dobäi déi wuel méi Gefaalen un der Halbzeit fond haten ewei um fëschen an Dës hun sech dun och gudd Zäit geloos fir an aller Rouh dat Vergaangend opzesschaffen ewou mir eis net gesin haten. Komescher Weis hun sech Mëttes d´Fëscher alleguer ee bëssen méi schwéier gedoën ewoubäi bestëmmt déi ausgiebeg Grillade net ganz onschëlleg wor.

Mée verschidden Fëscher brauchen eben och net esou laang an wuarden éischter deen richtegen Moment of fir dann awer esou richtég zouzeschloën. Esou hat den Jemp och wuel méi Gefaalen um Aprés – Fëschen fond ewei um Méckenfëschen selwer an Hien ass als leschten Mëttes unkomm fir nach éng Kéier ze fëschen. Mée hun déi anner Fëscher Mëttes alleguer verzweifelt probéiert dach nach een Fësch ze iwwerleschten, huet den Jemp dräi mol séng Méck ausgehäit an dun hat Hien séng dräi Fësch gefaangen an konnt gemitlech erëm anpacken mam Wëssen eis Anneren et awer erëm esou richtég gin ze hun, jee och domader mussen mir leider liewen mée mir hun Him dat awer vun Häerzen gegonnt (méi oder wéineger) 😈 ! Den Pit hat Mëttes ee bëssen an der Baach gefëscht an och Hien konnt sech net beschwéieren, hat Hien dach zwee richteg déck Kripsen gefaangen. Mir hun Dës natirlech net, ewei vun esou munechen gefoudert, op den Grill gehäit mée den Pit huet se erëm schounend an d'Baach zeréck gesat. Iwwerhaapt muss een soën dass nach nie esou vill Fësch an der klénger Baach woren déi den Weiher speist, dat misst unsech jo een gudd Zeechen sin ewell dann kann d'Waasserqualitéit jo awer net esou schlecht sin.

Esou hun mir dun och erëm éng schéin Sortie erliewt mat esou muneschen Jwweraschungen ewoubäi et wirklech fir sech schwätzt dass och endlech op dësem Site ee bëssen geschafft gin ass, den Weiher vun Freux ass nämlech éng vun den

wéinegen Plazen an eiser Géigend ewou een och mam Belly – Boat fëschen kann an dodernieft ass et ëmmer interessant ee puer Alternativen ze hun ewou een ausweechen kann ewell mir schon zimlech limitéiert sin mat den Siten ewou mir iwwerhaapt nach Sortiën organiséieren kënnen. Aus bekannten Grënn faalen jo dëst Joër zwou Sortiën eweg déi ëmmer an eisem Kalener fest verankert woren esou dass mir elo een Summerlach vun bal dräi Méint hun ewou mir eis net méi gesin. Den nächsten Termäin ass am September wann mir am Heischenter Gronn déi éischten Manche vun eiser Clubmeeschterschaft fëschen. Domader bleiwt mir dann ofschléissend nëmmen nach all eisen Memberen éng schéin Zäit an den Summerméint ze wënschen an ech hoffen dass mir eis dann All frësch an monter am Heischenter Gronn erëm gesin.